

Oppene Bréif un eis Deputéiert

Stopp! Esou net!

Lëtzebuerg, de 15. November 2020

Léif Dammen an Hären Deputéiert,

De kommende Mëttwoch, 18. November, steet de **Gesetzprojet** mat der **Nummer 7662** um Ordre du Jour vun der Chamber. **Dëse Projet stellt een absolutten No-Go duer!**

Heiduerch soll nämlech d'Méiglechkeet geschafe ginn, Direktiounsposten an eise Schoulen zukünfteg net méi, ewéi bis ewell, exklusiv mat erfuerene Kandidaten aus där héchster Fonctionnairescarrière beim Staat ze besetzen, mee och mat Leit aus dem Privatsecteur. Des Weidere solle weder e Minimum u Beruffserfahrung an der Schoul, nach en adequat Beherrsche vun de Sprooche vum Éffentlechen Déngscht zwéngend noutwendeg Viraussetzunge fir d'Funktione vum Direkter a vum Adjoint bleiwen.

Nodeems déi éffentlech Schoul an de Statut vum Fonctionnaire iwwert déi lescht Joren duerch eng systematesch a progressiv Salamtaktik ëmmer méi staark ënnergruwe goufen (Verwässerung vun de Promotiounskrittäre vun de Schüler, déifgräifend Reform vum Stage a Verwässerung vun den Zougangskonditioune fir de Beruff vum Enseignant...), **sollen duerch dëse Gesetzesprojet d'Veichen nach méi wäit a Richtung Degradéierung vun der éffentlecher Schoul an domat och Privatiséierung gestallt ginn.** Zwar soll dat geplangte Gesetz elo mol just fir d'Direktiounsposte vun enger begrenzter Unzuel u spezialiséierte Schoule gëllen, mee aus dem Exposé des motifs geet onmëssverständlech ervir, dass d'Lescht vu dëse Lycéeën an Zukunft problemlos wäert kënnen erweidert ginn.

Wa sech an Zukunft méi Leit mat deene richtege Kompetenze fir Direktiounsposten am Enseignement solle mellen, da mussen dës Posten däitlech méi attraktiv gemaach, an hir Ausschreiwung nees méi visibel ginn, mat engem raisonnablen Delai fir d'Kandidaturen anzerechen.

Well duerch dëse Gesetzesprojet e **Präzedenzfall** net nëmme fir d'Schoul, mee **och fir de Rescht vum Ëffentlechen Déngscht** soll geschafe ginn, sinn hei souwuel de Minister vun der Educatioun, wéi och dee vum Ëffentlechen Déngscht an der Verantwortung. **Et gesäit aus, wéi wann den Educatiounsminister am Wandschied vu Corona d'Koalitiounsdeputéiert iwwerrompele wéilt, fir eppes duerchzeboxen, wat en plus guer net am Koalitiounsvertrag virgesinn ass!**

Mir froen iech:

- **Wat ass d'Plus-value fir eis Schoulen a Kanner, fir vun Direkteren ouni pedagogesch Ausbildung an ouni Erfahrung um Terrain encadréiert ze ginn, déi net emol eis Landessproochen adequat beherrschen?**
- **Wie wëll, dass eis Schoulen an Zukunft vu Manager geleet ginn, déi sech méi fir de Präis vun der Bildung intresséieren, ewéi fir hire Wäert?**
- **Wéi laang loossen sech d'Deputéiert nach op der Nues ronderëmdanzen?**
- **Wéi laang ass esou e Minister nach drobar, och fir seng eege Leit?**

Dofir:

Huelt de Gesetzprojet 7662 vum Ordre du Jour, dëst am Interessi vun der ëffentlecher Schoul a vum ganze Land! Kee braucht dës Reform, ausser vläicht déi, déi d'Schoul wëlle liberaliséieren. Zoustänn ewéi an Amerika wëlle mir awer hei am Land definitiv keng kréien!

FÉDUSE/Enseignement-CGFP

Association des membres des directions de l'enseignement post-fondamental public luxembourgeois (ADIL/CGFP)

Confédération Générale de la Fonction Publique (CGFP)